N°1506
Entrée le 12.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro N°1506 vum 12. November 2024 vun der honoraabler Madamm Deputéierten Nathalie MORGENTHALER**

*Ad. 1 an Ad. 2*

Den Artikel 454 vum Strofgesetzbuch definéiert d'Diskriminatioun als all Ënnerscheed deen têscht physesche Persoune gemaach gëtt, notamment op Basis vun hiren Originnen, politeschen oder philosophesche Meenungen, hiren tatsächlechen oder supposéierten Zougehéieregkeeten oder Net-Zougehéieregkeeten, zu enger Ethnie, enger Natioun, enger Rass oder enger bestëmmter Relioun. Déi selwecht Bestëmmung gesäit d'Diskriminéierung têscht juristeschen Entitéiten, Gruppen oder Communautéiten, op Basis, ënner anerem, vun der Hierkonft, politeschen oder philosophesche Meenungen, der tatsächlecher oder supposéierter Zougehéieregkeet oder Net-Zougehéieregkeet, zu enger Ethnie, enger Natioun, enger Rass oder enger bestëmmter Relioun, vun de Memberen oder e puer Membere vun dëser juristescher Entitéit, Grupp oder Communautéit vir.

Dem Artikel 455 vum Strofgesetzbuch no, kann d'Diskriminéierung mat enger Prisongsstrof vun aacht Deeg bis zwee Joer an enger Geldstrof vun 251 Euro bis 25.000 Euro, oder nëmmen enger vun dëse Strofe bestrooft ginn.

Nieft den Dispositiounen iwwer d'Diskriminéierung bestrooft den Artikel 457-1, Punkt 1, vum Strofgesetzbuch d'Ophetzen zu Diskriminéierung, Haass oder Gewalt géint eng physesch Persoun oder eng juristesch Entitéit, eng Grupp oder eng Communautéit op Basis vun engem vun den Elementer, déi am Artikel 454 ernimmt sinn. D'Ophetze kann duerch Rieden, Gejäiz oder Menacen op ëffentleche Plazen oder ëffentleche Versammlunge gemaach ginn, oder ënner anerem duerch Schrëften, Drécker, Zeechnungen, Gravuren, Molereien, Emblèmen a Biller.

D'Strof ass eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis zwee Joer an eng Geldstrof vun 251 Euro bis 25.000 Euro, oder nëmmen eng vun dëse Strofen.

D'Gesetz vum 28. Mäerz 2023 huet den Artikel 80 am Strofgesetzbuch agefouert, deen eng nei Circonstance aggravante schaaft: de Fait, eng Strofdot ze begoen op Grond vun engem, am Artikel 454 vum Strofgesetzbuch genannten, Element. An deem Fall kann eng Persoun zum Duebel vum Maximum vun der Prisongsstrof an der Geldstrof verurteelt ginn, am Respekt vun de gesetzleche Limitten.

Am Kader vum Prinzip vun der Gewaltentrennung ass et un de Justizautoritéiten ze entscheeden, ob an ënnert wéi enge Bestëmmunge vum Strofgesetzbuch, déi an der parlamentarescher Fro beschriwwe Faite falen.

*Ad. 3*

Bei Fäll vu perséinlech geriichte Menacë gëtt et d'Méiglechkeet eng Plainte bei der Police ze maachen.

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue